Chef/tainen an hirer Formatioun begleeden

Bréif vun enger Branchenéquipe un e Gruppechef

Léiwe Gruppechef,

Mir si frou, datt ee Chef aus dengem Grupp dëst Joer de Formatiounscamp vun eiser Branche matmécht.

Dat soll net nëmme fir hien e flott Erliewnës sinn, mee et soll him och hëllefen, a senger Unitéit de Scoutissem/Guidissem nach besser ze praktizéieren. Ob dës Chefausbildung an ärem Grupp wierksam gëtt, hänkt och vun denger Ennerstëtzung a Mathëllef of.

Mir wëllen dir hei e puer Iddie ginn, wéi s du kanns derzou bäidroen.

- Et ass fir e Chef ëmmer flott, wann e spiirt, datt de GC sech fir seng Formatioun intresséiert. Sou kanns du hie froen, wat seng Erwaardungen a Wënsch un de Formatiounscamp sinn ; du kanns mat him iwwer déi Schwiregkeeten diskutéieren, déi hien um Umeldungsziedel virbruecht huet. Setz dech derfir an, datt d'Gruppekeess op d'manst en Deel vum Formatiounsbäitrag iwwerhëlt; domatt weist de Grupp, datt en hannert sengem Chefkandidat steet.

- Nom Formatiounscamp sollen d'Chef/tainen an hirem Grupperot e mëndleche Rapport maachen iwwer hir Erfahrungen. Schwätz däi Kandidat durop un, fir datt hie sech ka virbereeden, a reservéier am Grupperot eng Zäit fir dëst Gespréich, dat fir all Chef/tainë vum Grupp ka vun Notze sinn.

- De Chef bréngt vum Formatiounscamp Iddie mat, déi hie wëllt a senger Unitéit an d'Wierklechkeet ëmsetzen. Vläicht si Saachen derbäi, déi bis elo an ärem Grupp net de Gebrauch waren. Maach du him Courage, nei Saachen auszeprobéieren; schenk him Vertrauen a looss him den néidege Fräiraum; encouragéier och déi aner Chef/tainen, nei Experienze mat ze woen. Du verstees jo, datt net ëmmer alles beim éischte Versuch klappt; hëllef de Chef/tainen, hir Fehler selwer ze entdecken an et an Zukunft besser ze maachen.

- So äis bei Geleënheet, ob de Formatiounscamp an ären Unitéiten oder an ärem Grupp en Effet huet. Mir sinn un all Echo intresséiert, ob positiv oder negativ.

Mir soen dir merci fir deng Mataarbecht.